

2602

De Projet de loi 4702 ass ugeholl mat 45 Jo- an 11 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Jean-Paul Rippinger), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia) et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).

Ont voté non: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par Mme Lydie Err), Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen nach zu der Motioun 1 vum Här Robert Garcia. Si läit vir an Dir hutt se och explizéiert kritt. Mir kënnen dann driwwer ofstëmmen.

Vote

Wien ass derfir?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Ech stelle fest: D'Motioun ass eestëmmeg ugeholl.

Da komme mer elo zu der Diskussioun vum Projet de loi 4673A iwwert d'Brevets d'invention. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Bis elo sinn ageschriwwen: den Här Ady Jung, d'Mme Mady Delvaux-Stehres, den Här Fernand Greisen an den Här François Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, d'Mme Agny Durdu.

2. Projet de loi 4673A portant modification de

- la loi du 20 juillet 1992 portant modification du régime des brevets d'invention, telle que modifiée par la loi du 24 mai 1998;

- la loi du 27 mai 1977 portant

a) approbation du Traité de coopération en matière de brevets, fait à Washington, le 19 juin 1970,

b) adaptation de la législation nationale en matière de brevets telle que modifiée par la loi du 20 juillet 1992 portant modification du régime des brevets d'invention;

- la loi du 27 mai 1977 portant

a) approbation de la Convention sur la délivrance de brevets européens, signée à Munich, le 5 octobre 1973,

b) adaptation de la législation nationale en matière de brevets telle que modifiée par la loi du 20 juillet 1992 portant modification du régime des brevets d'invention

Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports

Mme Agny Durdu (DP) rapportrice.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Buschtaf A hannert der Nummer 4673 indiquéiert dem Plenum, datt et sech hei ëm e Projet de loi handelt wou eppes Spezielles geschitt war. War de Projet de loi ëmgeännert ginn oder gespléckt ginn? E war geännert ginn. Nämlech den initiale Projet 4673 hat am Fong geholl en duebele Volet. Dat eent war d'Ëmsetzung vun der Direktiv 9844 iwwert d'Protection juridique des inventions biotechnologiques an den zweete Volet vun dësem Projet de loi hat virgesinn, wat haut an deem jetzege Projet de loi 4673A virgesinn ass. Et sinn dës purement Ëmännerunge vum Volet économique vun där besteeënder Gesetzgebung an der Matière vun de Breveten.

No der éischter Analys, déi mir an der Commission de l'Economie vun deem gesamten Text gemaach haten, hu mir décidéiert datt mir weinst der Problematik vun den Inventions biotechnologiques eis sollten den Avis vun dëser Chamber a vun der Commission d'Ethique huelen. Dat ass elo gemaach an dorobber hin ass festgehalen ginn, datt mir den initiale Projet géife splécken an datt de Volet „protection juridique“ vun der Biotechnologie sollt an der Commission d'Ethique bleiwen an de Volet économique vum Gesetz an der Commission de l'Economie analyséiert sollt ginn.

Ech wëll just als Informatioun mat op de Wee ginn, datt mir dee Volet vun der Biotechnologie genau analyséieren, datt mir well eng ganz Partie Entrevuen haten, datt mir am Hierscht déi Analyse wäerte viru

féieren an datt mir ënner anerem do nach den Avis vun der Commission nationale d'Ethique wäerte mëndlech matgedeelt kréien, bei där mir en Avis ugefrot hunn.

Elo komme mer zum Projet de loi 4673A. Ëm wat geet et an dësem Gesetzestext? Et geet hei haapt-sächlech drëm, bestëmmten Dispositiounen aus eiser besteeënder Législatioun iwwert d'Brevet en zëmmeren an deem Sënn, datt mir wëllen administrativ Mesurë vereinfachen, datt mir eng zweet Kategorie vu Brevete wëllen aféieren, z. B. de kleng Brevet an datt eng ganz Partie Taxe reduzéiert, respektiv ofgeschafft ginn.

D'Aféierung vum kleng Brevet, wéi gesäit déi aus? Déi aktuell Lëtzebuerger Législatioun „en matière de brevet“ gesäit am Fong geholl just eng eenzeg Kategorie vu Brevete vir, nämlech e Brevet vun 20 Joer. Dat besteeënd Gesetz gesäit vir, datt ee bannent engem Délai vu maximal siwe Joer e Rapport de recherche u seng Demande de brevet muss annexéiert hunn. A während dëse siwe Joer besteet och nach kee Brevet, mä dëse ganzen Dossier besteet nëmmen als eng Demande de brevet. Dësen Délai vu siwe Joer, deen een huet fir e Rapport de recherche nozereche bei seng Demande de brevet, déi ass 1992 agefouert ginn, well de Législateur op dës Aart a Weis wollt den Demandeurn entgéint kommen a fir hinnen déi Chargen, déi bei dëser Prozedur opkommen, ze erlich-teren.

Mëttlerweil ass et awer esou, datt do an de Lëtzebuerger interesséierte Milieuen d'Demande no engem „petit brevet“ koom, sou wéi en elo an de Noeschlänner besteet. Wéi gesäit elo - wa mir dëst Gesetz aféieren - dës Modifikatioun aus? Wa mir dat neit Gesetz aféiere gesäit et esou aus, datt een eng Demande de brevet mécht an dann huet een en Délai vun 18 Méint wou een dann de Choix huet, entweder e Rapport de recherche eranzerechen, da kritt een deementspriechend e Brevet vun 20 Joer, oder awer, et reecht ee kee Rapport de recherche bannent deenen 18 Méint eran, da kritt een d'office säi Brevet de petite durée oder „un petit brevet“, deen dann eng Dauer vu sechs Joer huet.

Op dës Aart a Weis géife mir eis Gesetzgebung deene ronderëm upassen an dëst gëtt vun deem interesséierte Lëtzebuerger Milieu gefrot. Mir mengen, et wär eng gutt Saach gewiescht, datt hei d'Auteurs vun deem Projet de demande aus de Lëtzebuerger Milieue komm sinn. An da sinn eng Partie administrativ Mesurë vereinfacht ginn. Si sinn am Rapport opgezielt. Ech wollt der just zwou ervirsträichen, vun deenen ech soen, datt et ganz einfach Ëmännerunge sinn.

Zum Beispill de Service de propriété intellectuelle, do ass elo virgesinn, datt wann Ëmännerunge beim

Brevet européen an deem Institut gemaach ginn, da gëtt dee Service de propriété intellectuelle déi Informatiounen direkt an de Registre national, sou datt den Titulaire vum Brevet net expressis verbis muss seng Ëmännerung beim europäeschen a beim nationale Gremium froen, mä wann hie se bei deem europäesche freet, gëtt se automatesch an deen nationalen agedroen.

Am Artikel 17 vun dësem Projet de loi, wat eng Ëmännerung vum Artikel 93 vun der besteeënder Législatioun bedeit, do gëtt zum Beispill elo net méi vun de Mandataires agréés exigéiert, déi e Brevet fir hire Mandat areeche, datt si do musse beweisen datt si e Mandat hunn. Ech mengen dëst bréngt eng Erlichterung an deene Prozedure mat sech. Da wollt ech e bësse méi déif op den Artikel 83, Paragraph 4 vum besteeënde Gesetz agoen. Dat ass ewell eng Mesure administrative déi e bësse méi substanzieel ass. Et gëtt proposéiert, dëse Paragraph vum Artikel 83 carrément ze sträichen. Firwat? Abee, dësen Artikel gesäit vir, datt de Conseil de brevet muss obligatoresch en Domicile réel an eisem Land hunn. D'Kommissioun vu Bréissel huet do hir Bedenken ugemellt an huet gedreet, si géif Lëtzebuerg attackéieren, wann dës Exigence vum Domicile réel net géif erausgeholl ginn, well si wär contraire zum Traité vun der Union Européenne.

An deem éischten integrale Projet de loi 4673 hunn d'Auteurs vum Projet de loi dëser Exigence vun der Kommissioun vu Bréissel Rechnung gedroen. Par contre hu si awer d'Exigence vun enger Qualification professionnelle agefouert mat deem Argument, datt d'Conseilen awer och déi Lëtzebuerger Législatioun en matière de brevet misse kennen.

Ech wëll soen datt d'Chambre du Commerce hei Bedenken hat, a besonnesch de Conseil d'Etat huet ze bedenke ginn, datt en absolut d'accord wär, fir datt mir géifen d'Exigence vum Domicile réel am Grand-Duché eraushuelen. Hien huet awer och direkt gesot: Wann Dir elo déi Qualification professionnelle exigéiert kéint et ganz gutt sinn, datt d'Kommissioun zu Bréissel dëst als en Ersatz géif ugesi vum Domicile réel, an datt doduerch nei Schwierigkeeten entstinn.

Wéi dunn dësen neie Projet de loi 4673A déposéiert ginn ass, war schonn eng nei Evolutioun komm. Well d'Kommissioun iwwerhaapt Problemer mat eisem Paragraph 4 hat an deementspriechend ass vun den Auteurs vum Projet de loi virgeschloe ginn, an och vum Statsrot positiv aviséiert ginn, fir dëse Paragraph ganz aus der Législatioun erauszehuelen. Dat wëllt awer elo net heeschen, a mir hunn dat an eisem Projet de loi ënnerstrach, datt d'Formation trotz allem awer reforméiert gëtt, mä datt et awer keng Qualification professionnelle gët.

Dann ass nach e Volet wou d'Taxen duerch dëst neit Gesetz wäerten erlichtert ginn respektiv verschwan-
nen, ausser am Artikel 7 vun dësem Gesetz, wou eng
Taxe de recherche agesat gëtt, mä dat ass awer elo
keng Tax, wou eisen Office des Brevets oder de Stat
géif Taxen erakréien, mä et ass ganz einfach esou,
dass dat Taxe sinn, déi eis am Fong geholl vum Office
européen des Brevets verrechent ginn an déi ginn
dann einfach viru verrechent.

Par contre, an den Artikelen 11, 12, 13, 14, 19 an 20
vun dësem Projet de loi ginn d'Taxen erlichtert,
respektiv gestrach. Ech wollt besonnesch op den
Artikel 11 hiweisen. Déi Taxes annuelles, déi beim
Brevet ze bezuele sinn, sinn an deem neie Gesetzes-
text eréischt ab dem drëtte Joer virgesinn, esou dass
déi zwee éischt Joren taxefräi sinn.

Voilà, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat
waren déi Erklärungen, déi ech wollt als Rapporteur
zu dësem Gesetzestext ginn. Dir gesitt, et sinn am
Fong nëmmen Erlichterungen a Vereinfachungen, déi
an eis national Gesetzgebung ageschriwwen ginn. Ech
géing domat de Plenum bidden, dës Emännerungen
ze stëmmen an ech wollt och soen, dass meng Frak-
tioun wäert dësem Projet zoustëmmen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass
den Här Ady Jung agedroen. Den Här Jung huet
d'Wuert.

Discussion générale

M. Ady Jung (CSV).- Här President, honorabel Kollee-
ginnen a Kollegen.

Mam Projet de loi 4673A stëmme mer uschlëssend
un d'Debatten nëmmen en Deel vum initiale Projet de
loi 4673, dëst obschonn all EU-Länner gehale waren,
d'Direktiv 98/44 vum 6. Juli 1998 spëtstens de 6. Juli
2000 an nationaalt Recht ëmzesetzen.

Nodeem mer an der Sëtzung vum 23. Januar 2001 an
der Ekonomiekommissioun eng kritesch Diskussioun
iwwert de Volet „Biotechnologie“ haten, gouf de
Projet de loi an zwou Partien opgedeelt, dat heescht
deen Deel, deen haut zur Debatt steet, deen déi
sougenannte wirtschaftlech Aspekter vum Patentwiese
behandelt. Den zweeten Deel gëtt an engem Projet
de loi 4673B behandelt, deen dann d'Méiglechkeet
soll opmaachen, fir Elementer aus dem Beräich vun
der Biotechnologie ze patentéieren.

Mir begreifen dës Trennung, déi eise gudde Wëllen
net a Fro stellt vis-à-vis vun den europäeschen Instruk-
tiounen, anerersäits awer och eis Bedenken daitlech
mécht, datt Lëtzebuerg net lichtschaatz zouléist, datt
d'wëssenschaftlech Forschung iwwert de Wee vu
patentéierten Erkenntnisser gebremst gët.

Dëst ass eng ganz kritesch Matière, déi eis net onbe-
réiert dierf loossen, a mir müssen heibäi äusserst
gewëssenhaft virgoen. Et ass gewosst, datt déi speziell
interesséiert a motivéiert Kreesser, wéi zum Beispill de
Comité permanent des Médecins européens, Green-
peace, d'Konferenz vun de Gesondheitsministeren a
Senatore vun de „Länder“ aus der Bundesrepublik
Däitschland, vill verschidden Organisatiounen aus dem
landwirtschaftleche Beräich an engagéiert Gremien vu
Kierchen an Ethikkommissiounen sech ganz engagéiert
a mat stëchfesten Argumenter dogéint ausgedréckt
hunn, Argumenter, déi et gëllt ze ënnersichen, eier
eng definitiv Décisioun soll geholl gin.

Bei eise belsche Noper an an Holland ass dës
Direktiv, grad wéi bei eis, nach net duerch d'Chamber
gaangen, obschonn den Délai, deen d'Europäesch
Unioun virgeschriwwen hat, schonn erlaanscht ass.
Och Frankräich, Italien an Norwegen sinn zréckhalend
an dëser Affär an hunn esouguer eng entspreche-
nd Plainte beim europäesche Geriichtshaff agereecht.

De President Jacques Chirac huet an enger Usprooch,
déi e kierzlech gehalen huet, d'EU opgefuerdert, fir
dës Direktiv nei ze iwwerschaffen, speziell wat de
Volet vun de mënschleche Genen ubelaangt, a sech
dobäi ausgedréckt, datt een oppasse muss, datt
d'Patenter fir d'Liewen net zu Patenter géint d'Liewen
ausarten dierfen.

Däitschland huet zwar d'Direktiv a säin nationaalt
Recht iwwerholl, huet awer seriö Problemer domat an
et war esouguer scho Rieds, datt vun hirer Säit eng
Ufro bei der EU agereecht géif, fir d'Direktiv 98/44/CE
ëmzeänneren.

Wann een d'Direktiv 98/44 a puncto Biotechnologie
ënnersicht, da kann een dräi ethesch Prinzipien fest-
stellen, déi op d'Spill gesat ginn:

1. de Prinzip, datt keen Handel dierf mam mënsch-
leche Kierper bedriwwen ginn;
2. de Prinzip vum fräien Zougank zu den Erkennt-
nisser, déi d'Gene betreffen, an
3. d'allgemeng Notzung vun dësen Erkenntnisser.

Och am BENELUX-Parlament gouf sech schonn
eeschtlech mat dëser Matière befaasst. Déi
zoustänneg Kommissiounen hate viru kuerzem
Gesprécher mat kompetenten Expären aus de Wirt-
schaftsministeren aus Belgien, Holland a Lëtzebuerg a
mat Fachleit aus dësem Wëssensgebitt. An der
Plénière vum Hierscht soll eng entspreche-
nd Recommendation ausgeschafft ginn, déi de Regierung
vun den dräi Benelux-Staaten soll zougestallt ginn.

Heizou wëll ech just ofschlëssend ze bedenke ginn:
D'Direktiv gouf am Juli 1998 ausgeschafft, also virun
dräi Joer. Zënterhier huet d'Recherche vun der
Genetik enorm Fortschrëttler gemaach, sou datt et
bestëmmt net iwwerdräi wier, der EU-Kommis-

sioun nozeleeën, fir hir Direktiv am Hibleck vun den neiste wëssenschaftlechen Erkenntnisser nach eng Kéier ze iwwerdenken.

Wat awer elo de Projet de loi 4673A ubelaangt, bei deem et sech ëm wirtschaftlech Aspekter vum Projet initial handelt, sou wëll ech fir d'éischt d'Madame Agny Durdu félicitéiere fir hiren excellente schrëftlechen an och mëndleche Rapport, deem net vill zousätzlech Erklärungen verlaangt.

Wichtig ass d'Aféierung vum sougenannte „kleng Brevet“, deem zwar nëmme sechs Joer ofsécher, mä deem a ville Fäll an eiser schnelligeweger Zäit duergeet.

Da ginn d'administrativ Prozedure vereinfacht, woubäi och d'Käschte sech reduzéieren, wat säin Nidderschlag bei den Artikelen fënnt, déi d'Taxe betreffen.

Méi schwéierfällg hat sech d'Représentatioun vun den Tituläre vu Patenter erweisen. Hei war d'Kommissioun vu Bréissel net mat de Virstellungen vu Lëtzebuerg averstanen, mä et gouf schlussendlech dann awer eng akzeptabel Léisung fonnt.

Dës gesot, wëll ech nach eng Kéier begréissen, datt duerch de Splitting vum Text vum Projet initial, der Direktiv eng Chance ageraumt gouf, datt d'Zäit derzou bäidréit, d'europäesch Kommissioun ze beweegen d'Direktiv CE 98/44 esou ze änneren, datt d'Bedenke vu ville verantwortlechen Organisatiounen a Strukturen aus eiser Gesellschaft berouegt ginn.

An där Hoffnung kann ech lech awer och matdeelen, datt d'CSV-Fraktioun de Projet de loi 4673A stëmme wäert.

Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président. Als nächst Diskussionsriednerin ass d'Mme Mady Delvaux-Stehres agedroen. D'Mme Delvaux huet d'Wuert.

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. No deem ausféierleche Rapport vun der Mme Durdu, där ech vun hei aus wëllt merci soe fir déi gutt Explikatiounen an déi prezis Detailer, an no den Ausféierungen vu mengem Virriedner brauch ech eigentlech net op déi eenzel Bestëmmungen vun deem Projet de loi anzegoen.

Ech wëll allerdéngs meng Zäit notzen, fir ee Wuert iwwer Brevet ze soen an ee Wuert iwwer deem Deel vum Gesetz, deem d'Biotechnologie ugeet an deem nach ëmmer an der Commission d'Ethique vun der Chamber diskutéiert gëtt. Zu deem Punkt wëll ech och d'Majoritéit félicitéieren, dass se d'accord war, fir dee Projet ze splitten, wat eis d'Méiglechkeet gëtt, eis Kenntnisser iwwer eng komplizéiert Matière villméi grouss ze maachen. Ech fannen och, dass d'Diskussionen an där Kommissioun ganz ausféierlech sinn, wat am Fong all Deputéierten et erlaabt, sech eng

Meenung iwwer de Problem ze maachen, deem a priori net esou einfach ze approachéieren ass.

Wat d'Brevet ugeet fannen ech, dass et en onheemlech interessant an och astucieust Instrument ass, fir der Propriété intellectuelle e finanziellen an ekonomesche Wäert ze ginn. U sech freet ee jo e Brevet un, wann een eng Erfindung gemaach huet, an den Erfinder, deem eng Erfindung gemaach huet, ass eigentlech an enger schwéierer Situatioun. Wann e seng Erfindung op d'Place publique gëtt, dann ass se näischt méi wäert, well jo jiddereen da kann dovun profitéieren.

Wann e se selwer wëllt exploitéieren, da muss en natierlech vill Kapital hunn, e muss se geheim halen. Net all Erfinder huet d'Kapital fir aus senger Erfindung en Objet ze maachen, mat deem en herno eventuell seng Sue ka verdéngen.

Den zweeten Inconvénient ass, dass, och wann d'Erfindung geheim gehale gëtt, jo dann d'Allgemengheet net kann dovun profitéieren, dass also keng weider Recherche kann dorobber gemaach ginn.

Dofir ass de Brevet u sech déi ideal Léisung, fir eng duebel Fonctioun ze erfëllen. Duerch de Brevet gëtt de Propriétaire intellektuell rémunéréiert an de Brevet ass och en ekonomesch Instrument, dat erlaabt domat ze schaffen. De Brevet gëtt dem Erfinder 20 Joer Garantie fir d'Exploitatioun an erlaabt an engems, well jo dee Rapport iwwer d'Erfindung muss public gemaach ginn, dass d'Allgemengheet vun deem Wësse profitéiert.

Dat wëll ech virausschécken a soen, dass mer am Prinzip net géint d'Brevete sinn. Au contraire, mir fannen, dass dat e gutt Instrument ass mat enger duebler Fonctioun: eng ekonomesch an d'Protektioun vun der Propriété intellectuelle. Déi duebel Fonctioun stellt u sech och keng grouss Problemer, wa mer an traditionelle Beräicher sinn, wou all déi ekonomesch, déi wëssenschaftlech an déi ethesch Froen scho gekläert sinn. Mä et gëtt awer Problemer, wa mer an nei Domänen kommen, wat d'Biotechnologie duerstellt, wat jo effektiv en Domän ass, deem amgaang ass ze explodéieren, wou Neiland betruede gëtt a wou ech muss soen, dass ee schlecht drun ass, fir do all Äntwerten ze ginn. Well do muss ee sech jo da froen: Wat ass u sech brevetable? Wat dierf e Brevet ginn? Traditionell ass et esou: E Brevet läit op enger Erfindung. All Kéier do, wou also eng Aktivitéit vun engem Erfinder war, deem eng kreativ Aktioun, eppes Neies geschaf huet wat d'Mënsche bis dohinnet net kannt hunn oder net konnten exploitéieren.

Par contre ass kee Brevet op enger Découverte, also eppes wat et an der Natur scho gëtt, wat existéiert, wou kee kreativ tätég war, mä wat einfach entdeckt gëtt. An do läit dann am Fong schon den éischte Problem vun deem Deel Biotechnologie, deem haut

net soll gestëmmt ginn. Dat ass eng Formulatioun am Artikel 3.2., deen do seet: „Une matière biologique isolée de son environnement naturel ou produite à l'aide d'un procédé technique peut être l'objet d'une invention, même lorsqu'elle préexistait à l'état naturel“. Dat heescht also, eppes wat et gëtt kann awer Objet vun enger Erfindung sinn. Dat mécht an der Praxis de Wee op fir de Piratage vun der Drëtter Welt. Et muss een dat ganz kloer gesinn.

Dat bekanntste Beispill ass dat vum Basmati-Räis, dee säit Jorhonnerten an Nordindien an am Pakistan ugeplant gëtt, deen do, ouni dass e Brevet drop läit, ëmmer kultivéiert ginn ass, an trotzdeem huet RiceTec e Brevet op Basmati-Räis kritt a kann domadder net nëmmen de Maart zoumaache fir indesche Räis, mä en plus mussen duerch d'Globalisatioun an d'Mondalisatioun am Fong d'Inder hiren eegene Räis mat engem Brevet erëm zrëckkafen.

Dës Gesetzgebung ass also e Beispill vun enger moderner Koloniséierung, dee Geescht, deen doranner bestanen huet, e Raub vun de Ressourcen vun der Drëtter Welt ze maachen a se sech unzëeegnen. Parallell dozou maache mir da riseg Effort fir Suen an d'Entwécklungshëllef ze stiechen, fir deene Länner ze hëllefen aus hiren Schwierigkeiten erauszekommen, an dat, well mir hinnen hir eegene Ressourcen am Fong ewechhuelen.

Riseg Problemer awer stellt dës Direktiv wann et un d'mënschlecht Liewe geet. Et ass eng komplex Matière an ech wëll dat och präziséieren. Ech wëll hei net en Débat iwwert d'Recherche maachen. Wat ass erlaabt an der Recherche? Ech muss soen, dass déi Diskussioun, déi ëm de Clonage thérapeutique entsteet, eng schwéier Diskussioun ass, iwwert déi ech mer perséinlech meng Meenung nach net gemaach hunn. Ech gesinn d'Ängschten, déi dat op där enger Säit suscitëiert. Ech gesinn awer och déi Hoffnungen, fir alles wat den therapeutische Beräich ugeet, déi doraus kënnen entstoën.

Ech wëll mech limitéieren op dat, wat bis elo an der Recherche besteet. Wat dierf do ënner eng Exploitation commerciale falen? Och hei stellt sech dann déi fundamental Fro: Wat ass eng Erfindung a wat ass eng Entdeckung? Fir mech als Laien, deen nëmmen en ugeliessent Wëssen huet iwwert dës Matière, huet et ëmmer geschéngt, dass d'Struktur vun de Genen en Element wier, dat et ëmmer schonn am mënschleche Kierper ginn ass. Et ass jiddefalls keng Erfindung vum Mënsch, also dierft ee logescherweis kee Brevet dorop leeën.

Da weess ech awer och, dass e Gen eng chemesch Molekül ass, déi ka synthetiséiert ginn. Also ka se benotzt gi fir industriell Applikatiounen, Gensequenze kënnen duerch innovativ Procédée valoriséiert ginn. Dee Procédé ka par contre brevetéiert ginn. An do ass

dann déi ganz Schwierigkeet an dat mécht och d'Diskussioun esou schwéier iwwert d'Biotechnologie, wou een d'Tendenz hätt ze soen: Mir sinn d'accord fir e Brevet op der Technologie ze ginn, mä mir sinn net d'accord fir e Brevet um Bio ze ginn, um Liewen. Well ech mengen, mat allem Verständnis fir ekonomesch Intérëten, muss een awer vläicht déi grouss Prinzipien, déi den Här Jung elo just rappeléiert huet, festhalen. Dat ass, dass mer dergéint sinn, dass Handel mam mënschleche Liewe gemaach gëtt, a mir sinn och dergéint, dass am Fong eng Firma oder ee Grupp sech kann de Monopol iwwert d'Wësse vum mënschleche Wiesen appropriéieren.

All déi Froen ginn am Fong am zweeten Deel vun der Direktiv opgeworf. D'Direktiv huet och probéiert eng Äntwert dorobber ze ginn. Ech sinn awer perséinlech, nodeem mer dat laang diskutéiert hunn an ouni dass d'Diskussioun an der Commission d'Ethique iwwert de Fong vun der Saach gaangen ass, der Meenung, dass den Text vun der Direktiv, esou wéi en do läit, am Fong onglécklech ass. Dat ass dat mannst wat ee ka soen. Et gi Leit, déi behaupten, et wier e Monstre juridique, an ech soen dat, obschonn den Här Grethen mer elo gläich wäert soen, dass den Text ënnert där Regierung ausgehandelt ginn ass, zu där ech gehéiert hunn. 1997 ass ënnert der Lëtzebuerger Présidence e Kompromëstext ausgehandelt ginn an déi Direktiv ass effektiv e Kompromëss tëschent deene Leit, déi déi ethesch Suergen ervirbruecht hunn an deenen, déi den ekonomeschen Intérêt ervirbruecht hunn. Wéi bei all Kompromëss kënnt jo dann e Mix eraus tëschent deenen zwou Haltungen.

Ech muss allerdéngs soen, dass hei e particulièrement ongléckleche Mix erauskomm ass. Ech géif och mengen, nodeem mer laang doriwwer an der Fraktioun diskutéiert hunn, dass mer der Meenung sinn, dass wann een e Feeler gemaach huet, misst een dat och agestoën an da muss een och kënnen zwee Joer duerno soen: Et war vläicht net glécklech, dass mer dee Moment där Direktiv zougestëmmt hunn, d'autant plus, dass an alle Länner vun Europa, an den Här Jung huet dat och rappeléiert, de Moment ganz vehement Diskussiounen agaang sinn. Jiddereen huet seng Zweifel wann et ëm d'Transpositioun an d'nationaalt Recht geet.

Ech perséinlech hunn eng Formatioun als Linguist, an ech muss lech soen, wann ee roueg den Artikel 5 liest, deen a sengem Alinéa 1 seet: „Le corps humain, aux différents stades de sa constitution et de son développement, ainsi que la simple découverte d'un de ses éléments, y compris la séquence ou la séquence partielle d'un gène, ne peuvent constituer des inventions brevetables“. Dat ass also ganz kloer de Prinzip. De Corps humain, an all sengen Deeler, kann net brevetéiert ginn.

Da seet deesewechten Artikel 5 a sengem Alinéa 2: „Un élément isolé du corps humain ou autrement produit par un procédé technique peut constituer une invention brevetable, même si la structure de cet élément est identique à celle d'un élément naturel“.

Als Linguist muss ech soen, dass eng Kontradiktioun ass an deesewechten Artikel. Ech verstinn och firwat déi zwee Artikelen dra komm sinn. Dofir ass et och e Kompromëss, well déi eng hiert Stéck dra kruten an déi aner. Mä ech fannen et e ganz schlechten Text, deen och an der Praxis wäert zu ganz ville Problemer féieren an zu villen Ambiguitéiten. Dofir stellen ech fest, dass mer hei am Parlament an engem Dilemma sinn.

1. D'Formulatioun vun der Direktiv ass schlecht a gött Ulass zu vill Duercherneen an der Interpretatioun.

2. D'Direktiv ass awer ugeholl ginn a mir mussen eng besteeënd Direktiv ëmsetzen.

3. Souguer wa mir se net géifen ëmsetzen, ass déi Direktiv awer besteeënd Recht, well jo d'europäesch Patentamt se schonn ëmgesat huet an applizéiert.

Dofir si mir der Meenung, dass et net drëm geet, ob mir dës Direktiv ëmsetzen oder net, mä dass et am Fong drëm geet fir Europa en neien Text ze kréien. Dofir si mer der Meenung, dass mer sollen als Lëtzebuerg eng nei Négociatioun vun dëser Direktiv froen an ech wëll och eng Motioun an deem Sënn dem President iwwerreechen.

Motion 1

La Chambre des Députés

- *considérant la décision de la Commission d'Ethique de scinder en deux parties le projet de loi N° 4673;*

- *considérant que la même commission continue la discussion du volet éthique de la biotechnologie;*

- *considérant que le volet biotechnologique du projet de loi N° 4673 est la transposition de la directive 98/44/CE sur la protection juridique des inventions biotechnologiques;*

- *considérant que la directive 98/44/CE retient en son article 5, alinéa 1 que „le corps humain, aux différents stades de sa constitution et de son développement, ainsi que la simple découverte d'un de ses éléments, y compris la séquence ou la séquence partielle d'un gène, ne peuvent constituer des inventions brevetables“;*

- *considérant que dans le même article 5, alinéa 2, la directive dispose que „un élément isolé du corps humain ou autrement produit par un procédé technique, y compris la séquence ou la séquence partielle d'un gène, peut constituer une invention brevetable, même si la structure de cet élément est identique à celle d'un élément naturel“;*

- *considérant que les deux dispositions sont en contradiction, sauf à jouer sur des mots;*

- *considérant que cette directive crée une confusion entre les notions de découverte, qui est non brevetable, et d'invention, qui est brevetable;*

- *estimant qu'il est impérieux d'approfondir la réflexion sur la manière de concilier les considérations éthiques et la logique commerciale des brevets;*

- *considérant que, en l'état actuel de la législation, le Luxembourg est obligé de transposer la directive 98/44/CE;*

- *considérant que la plupart des Etats membres de l'Union européenne éprouvent des difficultés à transposer la directive dans leurs législations nationales;*

invite le Gouvernement

- *à demander une renégociation de la directive 98/44/CE.*

(s.) *Mady Delvaux-Stehres, Alex Bodry, Ben Fayot, Jeannot Krecké, Marc Zanussi.*

Dat gesot, gött zu deem Deel, deen haut zur Diskussioun steet, dat heescht, d'Introductioun vun engem klengen Brevet an d'Simplificatioun vun den administrative Formalitéiten, d'sozialistesche Fraktioun hir Approbatioun a si wäert dee Projet och stëmmen.

Ech soe merci.

M. le Président.- Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här Fernand Greisen agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

M. Fernand Greisen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Härren. Fir d'éischt wëll ech all deenen, déi um Projet matgeschafft hunn, merci soen. Meng Virriedner hunn dat Néidegst hei scho gesot, esou dass ech mech emol eng Käier kuerz faasse kann.

Den Ausgangspunkt vun dësem Gesetz ass de Projet 4673, deen als Haaptzil huet, d'EU-Direktiv iwwer d'Patentéieren an der Biotechnologie a Lëtzeburger Recht ëmzesetzen. Doniewent soll d'Gesetzgebung iwwer Patenter op verschiddene Punkten ëmgeännert ginn.

Well d'EU-Direktiv ëmstridden ass an nach verschidde Punkten ze kläre sinn, huet d'Ethikkommissioun proposéiert, dësse Projet an zwee ze deelen.

Deen Deel, iwwert dee mer haut schwätzen, betrëfft nëmmen Ännerungen ekonomescher Natur, déi net ëmstridde sinn.

Agefouert gött e sougenannte „klengen Brevet mat“ méi enger kuerzer Lafzäit a manner Käschten. Da ginn och nach verschidden administrativ Prozeduren vereinfacht an d'Taxen erofgesat.

2608

Den ADR ka mat dësem Projet averstane sinn a gëtt säin Accord.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Robert Garcia agedroen. Den Här Garcia huet d'Wuert.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech wëll den Accord vun eiser Fraktioun zum Projet 4673A ginn, mä ech wëll mech awer dovir hidden, fir eng Serie B hei weider ze féieren, déi meng Virriedner ugefaangen hunn, an zu engem Projet ze schwätzen, deen da wahrscheinlech am Hierscht dru kënnt. Ech wäert mer meng Munitioun fir da reservéieren.

Ech wëll awer trotzdem eng kleng Prezisioun gi par rapport zu deem wat d'Mme Rapportrice an hirem Rapport geschriwwen huet an och gesot huet, wéi de Werdegang vun där Zellteilung vun deem Projet hei war.

Dee Projet ass déposéiert ginn am Juli vum leschte Joer, am berühmte Summerlach, an e war eigentlech net ganz gutt ze erkennen a sengem Intitulé. A wann ech elo béiswëlleg wär, da kënnt ech de Verdacht äusseren, et hätt ee wëllen déi heikel Matière mat enger manner heikler, déi mer elo hei unanimement stëmmen, mat verkafen a vum Summerlach profitéieren, fir dass keen dat soll mierken, well mer jo eng Hellewull vun esou technesche Projeten hunn, vun deene kee Mënsch eppes versteet, obschonn déi meescht maache wéi wa se eppes géifen dovunner verstoen. Et sinn eigentlech emol net d'Parlamentarier, déi dat dote gemierkt hunn, mä Greenpeace, déi eng Postkaartenaktioun gemaach hunn, well se drop opmierksam gemaach hunn, dass an engem Waggon eppes aneshtes mat verpaakt géif véhiculéiert ginn.

Et stëmmt och net, dass d'Commission de l'Economie dee Projet renvoyéiert huet. D'gréng Fraktioun huet e Bréif gemaach un d'Conférence des Présidents, wou se drop opmierksam gemaach huet, dass dee Projet divers ethesch Komponenten hätt an dofir éischter an eng Kommissioun géif gehéieren, déi den ethesche Komponente géif Rechnung droen. Vu dass awer déi genetesch Kommissioun, déi et an deene Législaturperiode virdru gouf, net méi zustane koom, well hir d'Presidentin, d'Mme Lentz-Cornette, net méi erëmgewielt ginn ass, gouf et just nach d'Ethikskommissioun, an d'Conférence des Présidents huet sech dunn dem Virschlag vun der grénger Fraktioun ralliiert, fir déi Projeten an d'Ethikskommissioun ze transferéieren.

An där Ethikskommissioun ass du laang debattéiert ginn, wat mer dann elo géife maachen, well enger-säits d'Urgenz vun der A-Serie ëmmer erëm ënnerstrach ginn ass vum Ekonomieministère a vum Här Allegrezza, obwuel déi Urgenz wahrscheinlech net

esou schrecklech war, well et huet jo bal e Joer gedauert, bis dee Projet elo drukoum.

Et war d'Iddi vum President vun der Ethikskommissioun, dem Här Rippinger, dee selwer virgeschloen huet dee Projet ze scindéieren. Ech hunn den Här Rippinger esou rose gemaach an där Kommissioun an dofir muss ech aus Gerechtegkeet him dee Mérite nach eng Kéier zoukomme loossen. Hien huet effektiv virgeschloen an enger Sëtzung, dee Projet ze scindéieren an dat hu mer dann och gemaach, esou dass dee Volet, deen onbedenklech war, an der Ekonomieskommissioun behandelt ginn ass an dunn och op den Ordre du jour komm ass.

Ech sinn allerdéngs relativ skeptesch wat d'Schicksal vum Projet 4673B ugeet, well ech denken, dass dat Damoklesschwäert vun deem Ëmsetzungszwang nach ëmmer iwwert deem Projet hänkt. Dofir kann ech déi Motioun vun der Mme Delvaux, déi ech zwar nach net gesinn hunn, ënnerstëtzen, och wa se natierlech e bësse schäinhelleg ass, wat se och zouginn huet, well ech wëll rappeléieren, dass déi Direktiv ausgehandelt ginn ass am Conseil des Ministres „Marché intérieur“ vun de Statssekretäre Wohlfart an Err, an dass de Minister Goebbels sengerzäit de Projet de loi op den Instanzewee bruecht huet, esou dass et keng schrecklech vill Innocenzen an där Matière gëtt.

Ech sinn zwar frou, dass ee kann zouginn, sech eng Kéier géiert ze hunn an ech wier frou wann an anere Länner géifen déi Parteien, déi do um Rudder sinn, sech och zu där Erkenntnis géifen duerchréngen.

A wann déi Motioun eng Majoritéit géif fannen, da gëtt et vläicht nach en interessanten Débat.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Wirtschaftsminister Henri Grethen.

M. Henri Grethen, Ministre de l'Economie.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Fir d'éischt wëllt ech alle Riedner villmools merci soe fir hir Interventiounen, a ganz besonnesch der Mme Durdu fir hiren excellente Rapport.

Et ass bei dësen Diskussiounen ganz vill iwwert de B-Deel vun dësem Projet de loi geschwat ginn, och wann d'Mme Durdu an aner Riedner den A-Deel exposéiert a kommentéiert hunn.

Här President, ech wollt dem honorablen Här Garcia soen, dass et selbstverständlech net meng Absicht war, fir iwwert d'Summerlach dës Chamber ze iwwerdubberen. Et ass ganz sécher esou, dass et materiell guer net méiglech ass am Summerlach d'Chamber aus evidenten Ursaachen ze iwwerdubberen, well d'Chamber jo bekanntlech am Summerlach op anere Plazen ass wéi an der Chamber.

(Interruption)

Här President, ech weess aus menger laangjäreger Erfahrung als Deputéierten, wéi intensiv d'Chamber awer an deene verschiddene Kommissiounen schafft. Ech wollt einfach nëmmen dem Här Garcia soen, dass ech ganz vill Respekt virun der Kompetenz vun der Chamber an deenen eenzelnen Deputéierten hunn an net dovun ausgaange sinn, dass déi net géife mierken, dass an deem Gesetz och d'Ëmsetzung vun der Direktiv iwwert d'Brevetabilitéit vun de biotechnologeschen Erfindungen mat dra wier.

Ech wëll awer och der Chamber soen, Här President, dass ech dee Projet op den Instanzewee bruecht hunn, well ech mech iwwert déi Direktiv gebonne fillen, deenen Engagementer, déi net eng viregt Regierung, mä déi eng viregt Regierung am Numm vum Lëtzebuerger Land agaangen ass. Den Här Garcia a ganz besonnesch d'Mme Delvaux sinn an hiren Ausféierungen op déi Kompromësser agaangen, déi fir deen Text um europäeschen Niveau hu missten ausgehandelt ginn.

Ech wollt hei ënnersträichen, Här President, dass all Regierung um europäeschen Niveau déi Engagementer, déi se ageet, net nëmme fir d'Regierung ageet, mä ganz besonnesch fir d'Land ageet, an dass et dofir wichteg ass, an ech wëllt hei meng Bereetschaft nach eng Kéier erneieren, der Chamber Ried an Äntwert ze stoe bei alle Projets de directive, déi an der Diskussioun sinn am europäesche Raum. Et ass net gutt, wann d'Chamber sech desinteresséiert vun deenen Aarbechten, an ech mengen, Här President, den Här Fayot ass schonn itérativement op dëser Tribün op déi Situatioun agaangen. Et ass net gutt, wann d'Chamber sech vun den Aarbechte vum europäesche Conseil desinteresséiert an eréischt ex post entdeckt wat do décidéiert ginn ass.

Ech géif mer wënschen, dass déi eenzel Kommissiounen sech méi oft schonn am Virfeld fir europäesch Projete géifen interesséieren. An ech wëll fir d'Regierung a ganz besonnesch fir déi Departementer, fir déi ech en charge sinn, ënnersträichen, dass ech selbstverständlech zu all Moment bereet sinn der Chamber Ried an Äntwert ze stoen iwwert déi Positiounen, déi ech am Numm vun der Regierung an domat am Numm vum ganze Land do wëll adoptéieren.

Ech si mer och bewusst, Här President, dass de B-Volet ganz grouss ethesch Froen opwerft, an ech wëll hei ënnersträichen, dass et menger Iwwerzeegung no net gutt wier, wann een hei wéinst Fraktiounsdisziplin géif Zwang op deen eenzelnen Deputéierten ausüben. Hei si ganz wichteg ethesch Froen, wou jidder Deputéierte mat sech selwer muss zu Chouer goen a wou jidderee muss no sengem Wëssen a Gewëssen ofstëmmen.

Ech wëll lech soen, Här President, dass ech als Minister obligéiert sinn d'Chamber mat engem Projet ze

saiséieren, mä dass et un deem eenzelnen Deputéierten ass, fir seng Verantwortung an deem Projet ze iwwerhuelen an dass ech kengesfalls bereet sinn an der Regierung ze intervenéieren, fir dass géif Drock op dës Chamber ausgeübt ginn, fir esou séier wéi méiglech déi Direktiv telle quelle ëmzesetzen.

Ech wëll awer gläichzäiteg der Chamber och soen, dass mer de Moment an engem Vide juridique sinn an dass, esoulaang wéi mer keng Législatioun hunn, eigentlech alles méiglech ass. All Recherche ass méiglech, all Initiativ ass méiglech, mä et ass net méiglech fir eenzel Saachen ze protégéieren, mä d'Recherche ass awer méiglech an et muss ee sech froen, ob ee vläicht awer net besser hätt en Encadrement ze fannen, deen esouwuel deenen ethesche Problemer Rechnung dréit wéi awer och deene Problemer vu Sécurité juridique, déi eventuell engendréiert géife ginn.

Et ass jo och esou, Här President, dass wa mer iwwer Recherche an iwwer Brevetabilitéit vu Resultater vu Recherche schwätzen an et geet ëm d'mënschlech Gesondheet, wou mer eenzel Krankheeten duerch déi nei Erfindungen, déi an der Biotechnologie eventuell gemaach ginn, kënnen heelen, dass da praktesch eng Unanimitéit ass, fir an där Richtung weiderzeschaffen an och déi Richtung ze ënnerstëtzen, dass et awer op anere Pläng Problemer gëtt. D'Mme Delvaux huet eng Rei vun deene Problemer évoquéiert. Ech géif einfach nëmmen drëm bieden, dass d'Ethikskommissioun hir Aarbechte soll weiderféieren a kucken, fir esou oder esou zu engem Ofschloss ze kommen.

D'Mme Durdu huet an hirem excellente Rapport rappéléiert ëm wat de Projet A geet. De Projet A féiert de sougenannte „kleng Brevet“ an. Dat heescht, deen eng Liewensdauer vu sechs Joer huet an net vun 20 Joer, wéi dat fir en normale Brevet de Fall ass.

Et ginn och eng Rei Formalitéite suppriméiert an et ginn eng Rei Taxe reduzéiert, wéi zum Beispill d'Taxe de régularisation, d'Taxe de transmission un den Office européen des Brevets an déi zwou éischt Annuitéite fir de Brevet um Liewen ze erhalen.

Da ginn awer och d'Konditiounen fir den Accès à la profession vum Conseil en brevet geännert. Do ass géint eist Land eng Prozedur vun der Kommissioun gelaf a mir ginn obligéiert, déi sougenannt Condition de résidence fir d'Mandataires agréés ofzeschaffen. Ech wëll och hei ënnersträichen, Här President, dass virgesinn ass, de Beruff vum Conseil en brevet bei der nächster Reform vum Gesetz iwwert den Droit d'établissement ze änneren.

Ech wollt awer dann, Här President, och d'Chamber drop opmierksam maachen, dass nach weider Projete wäerten op den Instanzewee geschéckt ginn. Deemächst wäert d'Chamber saiséiert gi mat engem Projet

de ratification vum Protocole modificatif vun der Münchner Konventioun. An däerselwechter Linn wëll ech och signaléieren, dass e Projet de règlement communautaire iwwert de Brevet communautaire, deen een net soll mam Brevet europäen verwiesselen, de Moment am Conseil „Marché intérieur“ an Diskussioun ass an dass gehofft gëtt, dass ënner belscher Présidence en Accord de principe ka fonnt ginn.

Dann, Här President, dierf ech lech och matdeelen, dass den Office europäen des Brevets oder d'Organisation européenne des Brevets, déi hire Sëtz zu München huet, decidéiert huet, ënner anerem wéinst der Problematik vun der Brevetabilitéit vu biotechnologischen Erfindungen, fir Delegatiounen vun deenen nationale Parlamenten op München op eng Porte ouverte ze invitéieren. Déi Invitatioun wäert der Chamber offiziell zougestallt ginn an ech wier frou, wann eng Delegatioun vun der Lëtzebuerger Chamber déi Invitatioun géif unhuelen an op München deen Office des Brevets géif besiche goen.

Ech wëll hei einfach nëmmen ënnersträichen, datt zu München an där Administratioun 5.000 Mataarbechter schaffen, héichgradeg Spezialisten am Allgemengen, dorënner och eng ganz Rei Lëtzebuerger. D'Lëtzebuerger Communautéit an deem Office des Brevets zu München ëmfaasst eng ronn 40 Mataarbechter an deen Office des Brevets gëtt joran a joraus 150.000 nei Breveten eraus. Ech mengen datt dat eng interessant Visite fir d'Chamber kéint sinn an datt ee bei där Geleeënheet och kéint mat deenen eenzelnen Examineuren, déi jo och schonn eng Kéier hei zu Lëtzebuerg als Delegatioun waren, schwätzen an datt een deene Leit, am Kader an am Zesummenhang vum B-Deel an deem Projet de loi, kéint Froe stellen.

Do wëll ech awer och ënnersträichen datt d'Propriété industrielle nëmmen eent vun den Instrumenten vun der Politique de recherche et d'innovation ass. Am Kader vun e-Lëtzebuerg ass virgesinn, d'Instrument vun der Veille technologique ze renforcéieren an dat an Zesummenaarbecht mat Lux-Innovation an a Verbindung mam Centre de Recherche Henri Tudor. Den Office des Brevets ass eng formidable Source d'information aus der ganzer Welt an et ass wichteg datt d'Lëtzebuerger Entrepreneuren Accès kréien zu deem Wëssen, virun allem ganz besonnesch déi kleng a mëttel Entrepreneuren.

An dann, Här President, wollt ech der Chamber soen, datt d'Direktioun vun der Propriété industrielle am Wirtschaftsministère deemnächst wäert eng nei Etapp an der Automatisatioun vun hire Prozeduren beschreiwen. Den Objectif vun der Reform ass, datt ee ka Breveten en ligne déposieren iwwert de Wee vun der Signature électronique, wéi dat och am Gesetz iwwert de Commerce électronique virgesinn ass. Doniewent wäert de Registre national des brevets en ligne gesat ginn, fir datt ee méi einfach un déi

Donnéeën erukënnt. Dat wäert d'Liewe vun de Fuerscher an den Entrepreneuren wéi awer och de Conseil en brevets erliichteren.

Dir gesitt also, Här President, datt mir an deem Domaine eng ganz Rei vu konkrete Projeten hunn, nieft deem Gesetz wat haut zur Ofstëmmung kënnt a wou ech den Deputéierten merci soe fir déi breet Zoustëmmung, déi deen Text fënnt. An nach eng Kéier, Här President, betreffend deen zweete Volet sinn ech mir ganz bewusst wat fir eng Schwierigkeiten sech fir deen eenzelnen Deputéierten an där Fro do stellen. Ech si mir och de Schwierigkeiten, déi mir op europäeschem Niveau hunn, bewusst. Mir si mat enger Motioun befaasst, déi d'Regierung opfuert déi Direktiven ze renégociéieren.

Wann d'Chamber déi Motioun gären unhëlt, da géif dat mat sech bréngen datt een eigentlech d'Aarbechten an der Chamberkommissioun misst op Äis leeën. Ech sinn, Här President, net prinzipiell dergéint fir ze froen datt d'Direktiv 98/44 soll renégociéiert ginn. Ech géif awer d'Chamber bidden, dës Motioun an d'Ethikskommissioun ze verweisen, net fir se op Äis ze leeën, mä ech brauch en Argumentaire. Ech brauch en Argumentaire fir der Commissioun ze soen, op wat fir enge Punkte mir gäre géife renégociéieren an ech géif, éier ech an esou eng Etapp ginn, gäre wëssen, bei wat fir enge Punkten d'Chamber bereet ass, der Regierung d'Ënnerstëtzung ze ginn a wat fir enge Punkte prezis mussen - a mat wat fir engen Argumenten - renégociéiert ginn.

Dat ass eng ganz technesch an eng ganz schwierig Diskussioun. Dofir, Här President, géif ech d'Chamber bidden, dës Motioun an d'Ethikskommissioun ze verweisen. Ech si bereet mat menge Mataarbechter dohinner ze kommen fir ganz konkret dodrunner ze schaffen an et ass dem Auteur vun der Motioun selbstverständlech fräi fir d'Motioun erëm eng Kéier hei op den Ordre du jour ze bréngen, wann déi Aarbechten net sollten an deem gewünschte Rhythmus virgoen. Mä ech géif awer d'Chamber bidden, well ech d'Gefill vun der Chamber gären hätt, op wat fir enge Punkte prezis misst renégociéiert ginn, datt mir dat an der Ethikskommissioun duerchdiskutéieren.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Den Här Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass précisément vill Rieds gaangen vun der Ethikskommissioun, a well ech President dovunner sinn, wëll ech natierlech déi enorm Dialogbereitschaft vum Wirtschaftsminister begreifen. Ech sinn absolutt d'accord an et war och eis Intentioun fir d'Mme Delvaux ze froen, ob si d'accord wär fir dës Motioun an d'Ethikskommissioun ze verweisen.

Et ass zu dësem Zäitpunkt eppes ganz Wichteges wat opsteet a firwat datt mir gesot hunn, mir géifen eis Aarbechten am September erëm ophuelen, an dat ass den Avis vun der nationaler Ethikskommissioun. Dee läit eis nach net vir, mä deen ass fir eis ganz wichteg. Et ass eis gesot ginn, datt deen Avis eis Mëtt Juli, also an deenen nächsten Deeg, zoukomme gelooss géif ginn. Dofir wär et zu dësem Zäitpunkt ze fréi Positioun ze bezéien an dës Motioun hei ze stëmmen. Mir kënnen also zu dësem Zäitpunkt, wann d'Mme Delvaux drop hält fir datt se soll ofgestëmmt ginn, se ënner kengen Ëmstänn stëmmen an déi Argumentatioun, déi de Wirtschaftsminister hei ginn huet, ass fir mech wichteg a prioritär.

Dat heescht, mir missten der Regierung soen op wat fir enge Punkte mir gären hätten datt déi Direktiv misst renégociéiert ginn. Ech huelen dann nach zum Schluss zur Kenntnis, an ech fannen dat eng excellent Iddi, datt de Wirtschaftsminister d'Chamber och invitéiert huet, eng Delegatioun op München bei den Office européen des Brevets ze schécken. Mir hate schonn eng Kéier zwee Häre vun deenen hei zu Lëtzebuerg. Den Här Garcia als Vertrieeder vun deene Gréngen hat hinne schonn e Questionnaire ginn. Mir hatten dunn och de Wonsch geäussert, datt si nach emol op Lëtzebuerg zrëckkomme sollten, fir eben dee Questionnaire an déi Äntwerten, déi si dorobber ginn hunn, nach zousätzlech ze erläutern.

An dat hei géif eis also d'Geleeënheet ginn, déi Recommandatiounen mat op München ze huelen an eis déi Saach unzucken. Am Numm vun eiser Fraktioun géif ech d'Mme Delvaux och froen, datt si soll d'accord sinn, fir déi Motioun an d'Kommissioun ze verweisen. D'Kommissioun wäert am September hir Aarbechten erëm ophuelen an et esou maachen, wéi de Wirtschaftsminister sech dat wënscht.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen elo zur Ofstëmmung.

(Interruptions)

Mir wëlle fir d'éischt d'Gesetz stëmmen an dann d'Motioun; esou hu mir et ëmmer gemaach. Dir kënnt awer elo, well den Här Rippinger schonn ugefaangen huet domat, Mme Delvaux, zur Motioun schwätzen. Da maache mer emol eng Ausnahm.

Motion

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP).- Mir kënnen d'Spannung och nach halen hei am Sall, fir ze wëssen ob ech d'Motioun zrëckkréien oder net. Gutt, da maache mir et direkt. Ech wollt dem Wirtschaftsminister merci soe fir seng Interventioun. Fir mech war déi Ouverture ganz interessant an dëst vun him ze héieren, well ech schonn aner Geleeënheeten hat, wou hie gesot huet, hie wär ob kee Fall bereet iwwer-

haapt ze diskutéieren datt ee kënnt renégociéieren. Ech sinn iwwert dës Ouverture ganz frou an ech wollt och soen datt ech d'accord sinn, datt dat an der Kommissioun diskutéiert gëtt, sachant bien, datt dat awer elo d'Diskussiounen an der Kommissioun wäert änneren.

Bis elo si mir net dovun ausgaangen datt mir op prezise Punkten diskutéieren, déi mir gäre geännert hätten. Ech ka meng Wësch hei direkt umellen. Ech géif gären iwwert den Artikel 5 an den Artikel 3 eng Renégociatioun ufroen, esou datt ech à la limite kënnt eng Motioun hei eraginn, fir dat hei méi prezis ze maachen. Mä virun der Volontéit, fir hei weiderzkommen op engem ganz seriöse Sujet, sinn ech also bereet, fir déi Motioun an der Kommissioun ze diskutéieren an ech huelen Akt vum Wëlle vun deene ville Leit, fir dann do och iwwer prezis Punkten ze diskutéieren. Ech hale mir d'Recht op, fir wann et net zügeg virugoe sollt, fir déi Motioun dann eng Kéier spéider heihinner ze bréngen.

Ech soen lech merci, Här President, fir Är Gedold.

M. le Président.- Den Här Minister Grethen huet d'Wuert.

M. Henri Grethen, Ministre de l'Economie.- Här President, ech wollt hei awer eppes richtig stellen. Ech hat net gesot, ech wär net bereet iwwer Modifikatiounen ze diskutéieren. Ech hunn d'Chamberskommissioun informéiert, datt ech net bereet wär de Projet zrëckzezéien, well dat war deemools gefrot ginn. Ech hu gesot, ech wär net an der Lag dat ze maachen, wéinst deenen europäesche Constraints. Ech kann awer hei, mat dëser Motioun an ënnert deene Virbedingungen, déi ech gesot hunn, mat op esou ee Wee goen.

M. le Président.- Sou, dann hu mir et dës Kéier emol ëmgedrënt gemaach wéi soss. Zu der Motioun huet den Här Minister Grethen d'Propositoun gemaach, se un d'Ethikskommissioun ze verweisen. Den Här Rippinger huet erkläert datt hien domat d'accord wär an d'Mme Delvaux, déi se abruecht huet, huet sech och d'accord erkläert, esou datt ech froen: Ass d'Chamber domat d'accord fir dës Motioun un d'Ethikskommissioun ze verweisen?

Vote

Wien ass derfir?

Wien ass dergéint?

Ech stelle fest, datt d'Chamber eestëmmeg déi Propositoun ugeholl huet. Déi Motioun gëtt also un d'Ethikskommissioun weider geleet.

An da komme mer elo zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4673A a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte de projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 13 si gelies.

Mir kommen zum Vote iwwer de Projet de loi 4673A.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Patrick Santer), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Gusty Graas), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (M. Jeannot Belling), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Jeannot Krecké), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer (par M. Mars Di Bartolomeo), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Robert Garcia) et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).

S'est abstenu: M. Jean Colombara.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vun der Proposition de loi iwwert d'Cour des Comptes. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Agedroe si bis elo déi Häre Rippinger, Mehlen, Bausch a Bisdorff.

D'Wuert huet den Auteur vun der Proposition de loi, den honorablen Här Jeannot Krecké.

3. Proposition de loi 4682 de M. Jeannot Krecké portant

- organisation du cadre du personnel de la Cour des Comptes;
- modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat;
- modification de la loi modifiée du 28 mars 1986 portant harmonisation des conditions et modalités d'avancement dans les différentes carrières des administrations et services de l'Etat;
- modification de la loi modifiée du 8 juin 1999 portant organisation de la Cour des Comptes;
- abrogation de la loi du 20 juin 1972 portant réorganisation des cadres du personnel de la Chambre des Comptes

Rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire

M. Jeannot Krecké (LSAP), auteur-rapporteur.- Merci, Här President. Och wann ech hei konnt déi Proposition de loi deponéieren, esou war et am Numm vun der Kommissioun an och mam Concours an der Hëllef vun deene Leit, déi an där Kommissioun sinn. Dofir läit de Mérite net bei mir, mä e läit bei der gesamter Kommissioun an ech soen och menge Matstreider an där Kommissioun villmools merci fir déi laang Aarbecht, déi dat hei u sech bruecht huet. Mir hate geduecht, mir kéinten dat hei vill méi schnell iwwert d'Bühn kréien.

Här President, déi Proposition de loi ass net direkt weltbeweegend. Et geet am Fong just drëm der Cour des Comptes déi Mëttel ze ginn, déi noutwendeg si fir kënnen anstänneg ze schaffen an hirem neie Rôle gerecht ze ginn. Dofir ass och den éischten dovunner u sech d'Kadergesetz vum Personal vun der Cour des Comptes.

Mir hunn am Artikel 9 vum Gesetz vun 1999 stoen: „Le Président de la Cour des Comptes propose à la Cour le recrutement du personnel à engager dans les limites de l'organigramme du cadre du personnel à approuver par la Chambre des Députés“.

Mir haten och d'Institutiounskommissioun vun der Chamber gefrot, wéi mer sollte procédéieren a mir hunn eis du géenegt als Chamber eng Loi formelle ze maachen, fir de Kader vun deem Personal ze définéieren.

Den zweete Punkt, wou mer Diskussiounen haten, ass u sech deen, well am Gesetz steet, dass déi Agenten assimiléiert Fonctionnaire wieren oder „assimilés à la fonction publique“ sinn a well deen Term vläicht net kloer genuch ass, hate mer d'Kommissioun gefrot, déi en charge ass vun de Problemer vun der Fonction publique, ob se sech géif domat befaassen. Déi huet